N°3648
Entrée le 12.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.02.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 12. Februar 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister weiderzeleeden.

Nodeems schonn am November Bréiwer vun der *Union des Syndicats* am Staatsministère agaange sinn, ass de Méindeg, 9. Februar, en neie Bréif dobäikomm. Am Géigesaz zu de viregte Schreiwes geet et dës Kéier net ëm de fréieren Aarbechtsminister Georges Mischo, mee ëm de Virworf, datt a wichtegen Aarbechtsdossiere net séier an net effizient genuch geschafft gëtt. Konkret geet et dobäi ëm d'Legislatioun zum Reklassement, ëm de Kader fir den Asaz vu kënschtlecher Intelligenz an de Betriber souwéi ëm d'Instrumenter fir de *maintien dans l'emploi*.

De Premierminister huet deemols erkläert, de Bréif iwwert de virrëchten Aarbechtsminister net ze beäntweren, well hien an där Form selwer kee Bréif géif verfaassen.

An deem Kontext géing ech dem Här Minister follgend Froe stellen:

- Ass de Premierminister dës Kéier bereet, op de Bréif vun de Gewerkschaften ze äntweren?
- Wéi bewäert de Premierminister d'Inhalter an d'Virwërf, déi an dëse Bréiwer formuléiert goufen?

Mat déiwem Respekt

Taina Bofferding

Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu